
# RADIOAMATEURS DU LUXEMBOURG

Section Luxembourgeoise de l'I.A.R.U.
Membre Fondateur de l'I.A.R.U.



MEGALIFT S.A.

MIR BEWEEGEN ALLES

**Megalift S.A.** | Zone Industrielle | B.P. 42 | L-7701 Colmar-Berg
**Tél.: +352 85 85 59** | E-mail: info@megalift.lu | **Web: www.megalift.lu**



# Sommaire 1/18


| Page | Titre | Auteur |
|---|---|---|
| 2 | Edito: CQ CQ CQ... | LX2AU |
| 3 | Organisation et Services du RL | RL |
| 5 | RL Assemblée générale 2018 | LX1JU |
| 22 | Publicité WIMO | WIMO |
| 23 | Rapport vum QSL-Büro | LX1CX |
| 24 | Rapport vum Cours a vum Examen 2017-2018 | LX1MA |
| 25 | Rapport EMC/PLC, TVI/ITV an CEPT | LX1MA |
| 27 | Rapport vum Awards-Büro | LX2A |
| 28 | Rapport VHF, UHF, SHF, Balisen, | LX1JM |
| 30 | Rapport vun de 50 a 70 MHz-Aktivitéiten | LX1JX |
| 31 | Rapport iwwert d' Homepage vum RL | LX1OM |
| 33 | Rapport vum Voice repeaters WG | LX1JU |
| 36 | Rapport vum Digital Voice Communication WG | LX1IQ |
| 40 | Rapport vum ATV Working Group | LX1JM |
| 42 | Rapport vum APRS Working Group | LX1KQ |
| 44 | Rapport vum Packet-Radio / HAMNET / Echolink WG | LX1TB |
| 45 | Publicité Ets. Schaller | Schaller |
| 46 | Rapport vum Emergency Communication WG | LX1HP |
| 48 | Publicité Ets. J. Ries | EJR |
| 49 | Rapport vum ARDF Working Group | LX1JU |
| 50 | Rapport vun der Youth Working Group | LX1FC |
| 51 | Publicité WIMO | WIMO |
| 52 | Nachlese SAARLORLUX AFUTAG 2017 | OV Q08 |
| 54 | Special event: UBA 70 hits the airwaves | ON4CAS |
| 56 | Coming events | Red. |
| 62 | Flouhmaart | Red. |
| 63 | Reflexiounen: Den RL dobaussen | OV Q08 |
| 64 | Waat a wou? - De Site "Blaaschent 2" | Red. |

# Edito: CQ CQ CQ...

Chers membres du RL,

Nous voilà revenus de l'assemblée générale, une assemblée qui a montré que le radioamateurisme est bien vivant ici au Grand-Duché. Certes, le soleil nous boude, que ce soit pour le beau temps ou la propagation, alors on se tourne vers les fréquences au-delà des 30 MHz. Nous disposons aujourd'hui d'un réseau de relais UHF et VHF qui couvre tout le pays. Avec l'arrivée du mode D-STAR, il est possible de travailler le monde entier avec un portable, soit du QTH ou bien en mobile.

N'oublions pas les ondes courtes pour autant. Là aussi, les modes *weak signal* comme WSPR ou FT8 montrent que le QRP fonctionne bien! Sans oublier le morse, qui, paraît-il, connaîtra un nouvel essor au sein du RL, avec des demandes pour un cours d'entraînement, et ensuite un groupe de travail.

Cessons enfin de lamenter que c'est fastidieux, difficile, etc. Non, il faut juste trouver la bonne méthode pour venir à bout, tenir le coup et pratiquer régulièrement.

Ensuite, occupons-nous aussi de la jeunesse. Il faut leur montrer comment ça fonctionne, qu'est-ce qu'on peut faire avec la radio. On met l'éticelle en leur montrant comment ça marche. Le reste s'en suivra.

Il reste beaucoup à découvrir, à essayer, à bidouiller. L'amateur lambda ne peut pas tout faire, on n'a qu'une vie, alors il faut trouver ses favoris, faire son choix.

Il faut aussi être vigilant et défendre nos fréquences vis-à-vis des commerciaux qui glanent de plus en plus nos allocations. *Use the bands or lose the bands* comme disent nos amis anglo-saxons et américains.

N'oublions pas nos bonnes relations aves les autorités compétentes. Grâce à une législation généreuse, on peut pratiquement faire ce qu'on veut, sauf causer des brouillages aux voisins.

Et ce n'est pas tout...

Bonne lecture, Frank LX2AU

# Organisation et Services du RL

| | | | |
|---|---|---|---|
| Présidents d'Honneur: | Josy Kirsch sen. LX1DK | Membres d'Honneur: | Jean Spautz |
| | Armand Erpelding LX1MA | | Edmond Toussing |
| | | | Heinz Nauerz DK4XC |

## Comité

| | | | |
|---|---|---|---|
| Président | Mich Friederich LX1KQ | Membre | Philippe Lutty LX2A |
| Vice-Président | Jean-Claude Duhr LX1CU | Membre | Romain Weber LX1RW |
| Secrétaire | Nico Reuland LX1NR | Membre | Arsène Thill LX1TB |
| Trésorier | Luc Engelmann LX1IQ | Membre | Carlo Trezzi LX1TI |

## Managers

| | | | |
|---|---|---|---|
| Awards | LX2A | Pins, Stickers, Badges and Flags | LX1CU |
| Beacon and Repeater Coordinator | LX1DB | QSL-Service Incoming & Outgoing | LX1CX |
| Digital Communications Coordinator | LX1TB | Relationship with Administrations | LX1MA |
| EMC, BCI, TVI | LX1MA | | |
| Exam preparation | LX1MA | RL Library | LX1IQ |
| IARU Relationship Officer | LX1KQ | Shack Coordination | LX1GG |
| JOTA / Scouts | LX3GR | SNJ | LX1RA |
| Insurance | LX1IQ | VHF, UHF, SHF Manager | LX1JM |
| LX Callbook Update & Publication | Comité | Webmaster rlx.lu | LX1OM |
| LX-HF Contest | LX2A | Youth Coordinator | LX1RS |
| Members Relations | LX1CU | | |

## Réunions, Divers, Impressum

### Réunions mensuelles avec collecte et distribution des cartes QSL:

- Le premier mercredi de chaque mois, sauf mars et août, à partir de 19h30 dans la salle au premier étage du Café « Am Musée », 38, rue de Crauthem à Peppange.
- Réunion « Soirée Club » au shack RL à Eisenborn chaque dernier vendredi du mois à partir de 19h00.

**Emissions QST:** chaque dernier vendredi du mois à 20h00 sur les relais VHF LX0LU, LX0HI, et LX0DMM. Publication des fichers mp3 sur le site web.

**Compte en banque:** IBAN LU11 1111 0321 8780 0000 (BIC: CCPLLULL)

**Déclarations de sinistres:** déclaration au trésorier qui transmettra, le cas échéant, à notre assureur AXA, Rob Claude, 37, Grand-Rue, L-3730 Rumelange, Tél.: 560456

**Informations du RL pour non-membres:** Jean-Claude Duhr LX1CU (Tél.: 889282)

**Page web du RL:** http://www.rlx.lu/

**Adresse postale:** RL asbl. BP. 1352 L- 1013 Luxembourg

**Bulletin du RL:** publication semestrielle du RL asbl.

**Editeur responsable:** Radioamateurs du Luxembourg RL asbl.

**Impression:** Imprimerie Schlimé, L - 8069 Bertrange

**Publicités:** 50.- € pour 1/2 page, pages intérieures, n/b; 100.- € pour 1/1 page, couverture intérieure, couleurs

Les articles publiés n'engagent que la responsabilité de leurs auteurs.

La rédaction se réserve le droit d'éditer les textes soumis pour publication.

## Working Groups

| | |
|---|---|
| APRS | LX1KQ, LX1CU, LX1TB |
| ARDF | LX1JU, LX1MA, LX1FC, LX1GG, LX1WJ |
| ATV | LX1PL, LX1JM, LX1DB |
| Bulletin editor | LX2AU |
| Digital Voice Communications | LX1IQ, LX3JL, LX1JM, LX1TB, LX1KX, LX1CU |
| Emergency Communication | LX1HP |
| Packet-Radio (AX.25+TCP/IP) Hamnet | LX1TB, LX1JU, LX3GR, LX1KQ |
| QST-Transmission | Comité RL |
| Voice Repeater | LX1JM, LX1PL, LX1JU, LX1JX, LX1KQ, LX1CU, LX1TB, LX1MA |

Pour plus d’informations sur les WG veuillez contacter le coordinateur Arsène LX1TB (lx1tb@rlx.lu).

# RL Assemblée Générale 2018

## Allocutioun vum President

De President LX1KQ huet d'AG den 11. Mäerz 2018 um 16:10 zu Gonnereng am Sall vum EuroHotel opgemaach an déi 45 Memberen déi de Wee op Gonnereng fonnt haten begréisst. Besonnesch huet hien den Éieremember DK4XC, déi 2 Memberen aus PA PD0HLA an PD0ADV déi de laange Wee op sech geholl haten, den LX1SC als President vun der ADRAD an den DL7GT als stellvertriedenden OVV aus dem OV K31 begréisst.

Hien huet ee klenge Résumé iwwer d'Highlights aus dem Joer gemaach, déi awer och nach an deene verschiddene Manager a WG Rapporten am Detail nozeliese sinn, an deene Leit Merci gesot déi am Sënn vum RL eng Hand mat ugepakt hunn. Hien huet e puer Informatiounen iwwer d'General Conference, an d'Aarbecht vun der IARU ginn.

## Statiounen zu Lëtzebuerg a Memberszuelen

Zanter der leschter AG ordinaire hu leider folgend Memberen eis an d'Reien vun de Silent Keys verlooss:

- Jos Faber (LX1DE), Lizenz zanter 1957
- Fernand Koenig (LX1AH), Member zanter 2000, Lizenz zanter 2002
- Alfred Knabe (LX2AK), Member zanter 1991
- Valentin Campana (LX1VC), Member a Lizenz zanter 1984
- Herman Bracke (LX2HH), Lizenz zanter 1973
- Norbert Jans (LX1NJ), Member a Lizenz zanter 1975
- Jean-Paul Hoegener (LX1JP), Member a Lizenz zanter 1982
- Michel Goergen (LX1GY), Member zanter 1990, Lizenz zanter 1991

D'Versammlung huet hierer eng Minutt geduecht.

Déi méi erfreelech Nouvelle sinn eis nei Memberen, zanter der leschter AG sinn dat:

- Alex De Vries - PD0ADV *
- Bob Staar *
- Daniel Nickels - DL7GT *
- Darach Wrede
- Gerry Hoffmann *
- Jose Antonio Lopes Moreira - LX2LM
- Michel Remy
- Patrick Jenin
- Sven Goergen
- Thorsten Sinning - DG3KBQ *

Déi mat engem “*” markéiert Memberen waren op der AG présent.

## Rapport vum Secrétaire

De Secrétaire LX1JU huet e puer Statistiken an Informatiounen iwwer de Club presentéiert. Dat ware fir d’lescht Joer folgend Memberszuelen:

## Normal a gratis Memberen

| Grupp | Total | (Dovu SK) | Cotis. pleine | Familljе-Cotis. | Studente-Cotis. | Cotis. Spéciale | Gratis |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| **LX0** | 37 | | | | | | 37 |
| **LX1-3** | 290 | (7) | 274 | 9 | 6 | 1 | |
| **LX4-5,7-8** | 6 | | | | | 5 | 1 |
| **LX6** | 7 | | 3 | 2 | 2 | | |
| **LX9** | 18 | | | | | 9 | 9 |
| **Ouni Ruffzeechen** | 9 | | 7 | | 2 | | |
| **SWL** | 1 | | 1 | | | | |
| **Aner Ruffz.** | 16 | | 12 | | | 4 | |
| **Total** | 384 | (7) | 297 | 11 | 10 | 19 | 47 |

## Memberen déi d'Cotisatioun net méi bezuelt hunn

| Grupp | Total |
|---|---|
| **LX1-3 (Cotisation pleine)** | 5 |
| **LX1-3 (Famillje-Cotisatioun)** | 1 |
| **LX6 (Cotisation pleine)** | 1 |
| **Ouni Ruffzeechen** | 5 |
| **Total** | 12 |

## All lizenzéiert LX-Statiounen

(laut deenen Informatiounen déi dem Comité zur Verfügung stinn, déi awer wuel vu Joer zu Joer manner präzis sinn):

| Grupp | Total | (Dovun SK) | Abandon | Lizenséiert |
|---|---|---|---|---|
| **LX0** | 37 | | | 37 |
| **LX1-3** | 522 | (8) | 5 | 517 |
| **LX4-5,7-8** | 11 | | | 11 |
| **LX6** | 12 | | | 12 |
| **LX9** | 21 | | 1 | 20 |
| **SWL** | 4 | | | 4 |
| **Total** | 607 | (8) | 6 | 601 |

## Réunioune vum Comité

De Comité war vu Mäerz 2017 bis Februar 2018 12 mol zesumme komm.

## Informatiouns-Medien vum Club

D'lescht Joer war d'QST Emissioun 8 Mol fir d'Memberen iwwer Neiegkeeten am Club z'informéieren, prinzipiell all leschte Freiden am Mount. Et waren e puer Méint wou keng QST Emissioun gemaach ginn ass, well net genuch Neiegkeeten do waren. D'QST ass wéi di Jore virdrun ëmmer vum Frank LX1MG virgedroe

ginn, an iwwer d'Relaisen LX0LU an LX0HI, an zum Schluss och iwwer den neie Relais LX0DMM iwwerdroe ginn. D'QST Emissioun vu Freides ass jo och nach eng Kéier Sonndes nom leschte Freiden am Mount um 11 Auer moies "rediffuséiert" ginn. De Succès vun där Rediffusioun war awer wéi d'lescht Joer net immens grouss.

Eng weider Methode vum Comité fir Informatiounen un d'Membere weider ze ginn ass d'Homepage vum RL. De Marc LX1OM huet de Contenu vun der Homepage och am leschte Joer gepflegt an up-to-date gehal. Et ass dem Marc Merci fir déi Aarbecht gesot ginn.

Et sinn och rëm 2 Bulletinën rausbruecht ginn. Dëst Joer goufen et keng esou grouss technesch Problemer wéi d'lescht Joer (keng Faillite, etc).

## Aktivitéite vum Club

Et ass ee kuerze Resumé vun de gréissten Aktivitéiten déi am Laf vum Joer um Programm stoungen gemaach ginn:

- Den 20. Mee 2017 war den RL um Congrès annuel vun der UBA, also hirer Assemblée générale, invitéiert a vertrueden.
- De 25. Mee 2017 (Christi Himmelfahrt), war dat mëttlerweil schonn traditionellt Grillfest. Dëst Joer konnt dat net méi zu Eesebuer organiséiert ginn, well d'Infrastrukturen net méi zur Verfügung stoungen. De Comité hat do awer eng gutt Alternative am Scouts-Chalet um Bridel fonnt.
- Vum 16. bis den 18. Juni 2017 war zu Weicherdeng de SaarLorLux-Event LX8SAR.
- Den 29. Juni 2017 war den RL op d'Festivitéite vum ILR sengen 20 Joer invitéiert, a vum LX1KQ an LX1MA vertrueden.
- Vum 8. bis den 9. Juli 2017 huet den RL am IARU Contest mam Ruffzeechen LX8HQ matgemaach.
- Vum 14. bis den 16. Juli 2017 hat den RL rëm ee Stand zu Friedrichshafen op der Ham Radio. Op eisem Stand, deen dëst Joer op enger besserer Plaz wéi

d'leschtJoer war, si rëm intressant technesch Saachen ze gesi gewiecht.

- Den 12. August 2017 huet den RL zesumme mat der ADRAD um Kids Day, dee vum Musée des Mines organiséiert war, op engem Stand de Kanner alles zum Thema Morsen gewisen an erkläert.
- Den 20. August 2017 war vum ARDF WorkingGroup zu Hesper eng national Fussejuegdt mat 5 Fuusse-Senderen an engem Réckhuel-Fuuss organiséiert ginn.
- Vum 16. bis den 23. September 2017 war den RL mat 2 Memberen op der IARU Region 1 General Conference zu Landshut vertrueden.
- Vum 21. bis den 22. Oktober 2017 war den traditionelle Jamboree On The Air, mat der QST Emissioun wou den RL ee Bäitrag geliwwert huet.
- Natierlech war och de Préparatiouns-Cours fir den Examen beim ILR rëm vu September bis Januar. Dee war des Kéier am Lycée technique du Centre um Lampertsbierg, well d'Uni Lëtzebuerg eis nëmmen nach zu net acceptabele Konditiounen ee Sall um neie Site Belval zur Verfügung gestallt hätt.
- Déi traditionell Monatsversammlung zu Peppeng am Bauremusée war dëst Joer all Mount ausser am August. Wéi ëmmer war déi vum Mäerz duerch d'AG ersat ginn. Ausnahmsweis war se am Mee 2017 zu Leideleng well Renovatiounsaarbechten am Lokal zu Peppeng waren, ier een neien Exploitant do ugefaang huet.
- All leschte Freiden am Mount, ausser am Dezember a Februar, war de Club-Owend zu Esebuer am Shack, wou de QSL Büro och présent war.
- Et war eng Réunioun mat der ADRAD organiséiert ginn, fir iwwer verschidden Themen ze diskutéieren.

## IARU

Op IARU Niveau sinn et d'lescht Joer och e puer erwähnenswert Theme ginn:

All 3 Joer ass jo eng IARU Region 1 General Conference. 2017 war déi vum 16. bis den 23. September zu Landshut bei München an DL. Zanter laangem war den

RL mol rëm eng Kéier do present, fir seng Responsabilitéit als IARU Veräin ze iwwerhuelen. Am leschte Bulletin war jo schonn ee Rapport vum LX1KQ an LX2OO hirer Aarbecht déi si do gemaach hunn.

D'Preparatiouns-Aarbechte fir d'WRC-19 ginn och nach ëmmer weider, wou eent vun den Haapt-Themen wat d'Funkamateuren ugeet d'weltwäit Harmoniséirung vum 6 Meter Band wäert sinn.

D'IARU huet och eng Lobby-Initiative géint "WPT(EV)" (Wireless Power Transmission for Electric Vehicles) ugefaang, well dat, wann et sou géif am grousse Stil ugewand ginn wéi am Moment Ideeën duerch d'Landschaft geeschteren, d'Doudesuerteel fir quasi all Funkamateur-Kommunikatioun op de Bänner ënner 10 MHz wier. Den RL huet hei natierlech och scho beim ILR intervenéiert.

Wéi zu Landshut décidéiert, huet eng Initiative ugefaang, fir op CEPT Niveau eng harmoniséiert Entry Level Licence (ELL) virun ze dreiwen, sou dass een do och déi vum HAREC an NOVICE bekannten Unerkennung an den CEPT Länner hätt. Et kéint een déi dann och iwwer d'Grenze raus benotzen, wat am Moment bei vereenzelten Einsteiger-Lizenzen déi et scho gëtt net de Fall ass. Dëst wäert awer nach e bëssen daueren, wann dann eppes sollt doraus ginn.

## ILR

Den RL hat d'lescht Joer och rëm eng gutt Relatioun mam ILR.

Wéi jo d'lescht Joer op der AG schonn thematiséiert, hat den ILR e bësse Retard kritt fir d'Lizenzen déi 2017 hu mussen erneiert ginn auszestellen. Ufank/Mëtt Mäerz d'lescht Joer sinn déi du schlussendlech awer bei alle Leit ukomm.

Den RL huet an enger Réunioun mam ILR iwwer eng Partie Themen diskutéiert, déi vun där enger oder anerer Säit op een Ordre du jour gesat gi waren.

Et ass och een neit Reglement fir verschidde Modalitéite vum Examen ze regelen rauskomm.

## Intern Informatiounen

Et ass een neit internt Reglement fir d'Benotze vum Shack zu Eesebuer ausgeschafft ginn. Dëst Reglement wäert op der Homepage vum RL à jour gesat ginn, sou dass jidderee sech do d'Detailer kann ukucken. Et ass ee Rappel gemaach ginn, dass de Shack mëttlerweil gutt équipéiert ass, an all d'Material wat do steet och funktionéiert. D'Membere kennen a sollen also dovu profitéieren. Et ass och nach eng Kéier drun erënnert ginn, dass et Aarbecht a Sue spuert, wann d'Memberen hier nei Adress matdeelen, wa se geplënnert sinn.

## Rapport vum Trésorier

Den Trésorier LX1IQ huet de Rapport iwwert den Exercice 2017 vun der Keess gemaach, datéiert op den 31. Dezember 2017.
Déi Linnen mat engem "*" sinn an engem separaten Tableau ënnendrënner jeeweils méi genau erkläert ginn.

**D'Recetten am Résumé:**

| | |
|---|---:|
| Cotisations RL * | 10 335.00 € |
| Dons au RL | 1 613.60 € |
| Subsides | 1 420.00 € |
| Intérêts créditeurs | 57.11 € |
| Ventes RL * | 72.00 € |
| Recettes BBQ Bridel | 1 025.00 € |
| Recettes participation cours RA | 590.00 € |
| Recettes Assurance Sinistre LX0DRD | 3 890.73 € |
| Recettes publicité bulletin | 280.00 € |
| Virements internes | 400.00 € |
| **Total Recettes** | **19 683.44 €** |

Détailer "Ventes RL"

| | |
|---|---:|
| Vente gadgets divers | 72.00 € |

Détailer “Cotisations RL”

| | |
|---|---|
| Cotisations régulières | 9 826.00 € |
| Cotisations familiales | 88.00 € |
| Cotisations spéciales | 323.00 € |
| Cotisations étudiants | 64.00 € |
| Avances cotisations | 34.00 € |

**D’Dépensen am Résumé:**

| | |
|---|---|
| Dépenses BBQ Bridel | 599.60 € |
| Youth | 48.00 € |
| Autres frais LX HF Marathon | 50.40 € |
| Cours RL * | 350.00 € |
| Cartes QSL RL * | 1 507.74 € |
| Bulletin RL * | 1 598.91 € |
| HamRadio * | 1 860.86 € |
| Cotisation RESTENA | 40.00 € |
| Annonces dans quotidiens | 1 269.45 € |
| Cotisation IARU | 384.83 € |
| Sites RL * | 126.90 € |
| Acquisition équipement LX0TVL | 606.00 € |
| Dépenses internes comité | 945.50 € |
| Expédition courrier | 203.50 € |
| Working Groups RL * | 5 020.54 € |
| Frais de compte CCPL | 56.10 € |
| Assurances RL | 1 039.23 € |
| Douane, taxes, droits d'obtention | 12.20 € |
| Dépenses matériel de bureau | 34.89 € |
| Acquisition équipement LX0RL | 99.00 € |
| Participation IARU R1 Conference | 1 400.00 € |
| Frais entretien LX0DMM Loyer | 117.00 € |
| **Total Dépenses** | **17 370.65 €** |

Détailer "Cours RL"

| | |
|---|---|
| Achat livres cours RA | 0.00 € |
| Honoraires instructeurs cours RA | 350.00 € |

Détailer "Cartes QSL RL"

| | |
|---|---|
| Expédition cartes QSL | 108.30 € |
| QSL-Vermittlung DARC | 1 399.44 € |

Détailer "Bulletin RL"

| | |
|---|---|
| Frais d'impression bulletin | 1 497.62 € |
| Frais d'expédition bulletin | 101.29 € |

Détailer "HamRadio"

| | |
|---|---|
| Frais stand expo HAMRADIO | 142.80 € |
| Autres frais HAMRADIO | 1 718.06 € |

Détailer "Sites RL"

| | |
|---|---|
| Frais entretien LX0HI | 38.00 € |
| Frais de fonctionnement Bourscheid | 1.00 € |
| Divers Sites RL | 87.90 € |

Détailer "WorkingGroups RL"

| | |
|---|---|
| Digital Voice Communications | 2 185.86 € |
| Jota / Joti | 212.26 € |
| Emergency Communication | 334.96 € |
| Packet-Radio + APRS | 205.11 € |
| Hamnet | 242.55 € |
| Voice Communication | 1 792.40 € |
| ARDF Working Group | 47.40 € |

Den Trésorier huet e puer Détailer iwwer deen héije Montant vun den Dépensen beim Punkt Friedrichshafen ginn, an déi grouss Recette beim Punkt Don.

Et ass och erkläert ginn, dass een Deel scho vun der Assurance wéinst dem Schued zu Dippech bezuelt ginn ass, a mer doduerch ee Bonus gemaach hunn. Den Dossier ass awer nach net zou gemeet ginn, viraussiichtlech kommen also d'nächst Joer och nach Suen ran, wann d'Aarbechte vum Nei-Opbau gemaach ginn (wou mer da jo allerdéngs och rëm Dépensen hunn).

Als Resultat mécht den RL dann e Bonus vun **2 312.79 €** vum 01.01.2017-31.12.2017.

Den 31. Dezember 2017 waren d'**Aktivposten**:

| | |
|---|---:|
| Kees Borgeld | 0.00 € |
| CCP RL | 11 534.69 € |
| Spuerbuch | 30 366.65 € |
| **Total:** | **41 901.34 €** |

## Keesserevisioun

D'Keesserevisioun ass vum Alfred LX1AR, Gilbert LX1GG a Claude LX3CL gemaach ginn. Den LX1GG huet stellvertriedend erkläert, dass d'Keess propper gefouert ass an alles dokumentéiert ass. Si konnte keng Fehler feststellen.

D'AG huet dem Trésorier d'Décharge ginn.

Den LX1GG war d'accord fir et d'nächst Joer nach eng Kéier ze maachen, den LX3CL hat am Viraus informéiert dass et fir hien och OK wier. Den 3. Keessereviseur fir d'nächst Joer ass den LX1RA.

## Rappelen

Wéi d'lescht Joer wäert dëst Joer och rëm deen éischte Rappel, fir déi Leit déi hier Cotisatioun no dem Délai dee vun de Statute virgesinn ass nach net bezuelt hunn, per Email rausgeschéckt ginn (falls eng Email-Adress am Fichier steet). Nëmmen nach dee leschte Rappel wäert da per Courrier geschéckt ginn.

## Résumé vun de Rapporten vun de Managers a WorkingGroups

Et ass och des Kéier vum Secrétaire ee Résumé vun deene wichtegsten Themen vun deene verschiddene Manageren a WorkingGroups gemaach ginn. Tëschent deenen 2 ass eng Paus gemaach ginn.

D'Manager-Rapporten waren iwwer folgend Themen:

- QSL Büro
- Cours de Préparation fir den Examen
- EMC/PLC, CEPT an TVI/ITV
- Awards
- Activités VHF, UHF, SHF, balises
    - 6m / 4m
- Homepage vum RL

D'Working Group-Rapporten waren vu folgende Gruppen:

- Voice Repeater
- Digital Voice Communication
- ATV
- APRS
- Packet-Radio an HAMNET
- Emergency Communication
- ARDF
- Youth

Déi komplett technesch Rapporten kann een am Bulletin noliesen.

Den LX1GG hat eng Fro iwwer d'Aarbecht déi am Emergency Communication WG gemaach ginn ass, wou den LX1HP dunn Erklärunge ginn huet. Den LX1MG an LX1IQ hunn och Informatiounen respektiv aner Froen gestallt, an den DK4XC huet erkläert wéi déi organisatoresch Situatioun mam Noutfunk beim DARC am

Saarland gehandhaabt ginn ass.

## LX HF Marathon

De Philippe LX2A huet d'Resultater vum LX HF Marathon presentéiert. Et haten dëst Joer manner Leit matgemaach wéi déi Joere virdrun. Gewënner vun dësem Joer an deene verschiddene Kategorien waren:

- Phone/Digi
  - Formula Class: LX1CC (152 DXCC an 31 Zonen)
  - Unlimited: LX1HD (175 DXCC a 40 Zonen)
- CW
  - Formula Class: fir des Kategorie hat kee Kandidat säi Resultat raginn.
  - Unlimited: LX1CW (158 DXCC an 33 Zonen)
- Youth < 30 Joer (all modes): fir des Klass hat rëm kee Kandidat säi Resultat raginn.

Den LX1CC an LX1HD ware present, a kruten hier Plaquette iwwerreecht.

Den LX HF Marathon wäert fir d'Joer 2018 no de selwechte Regelen lafen. Den LX2A huet d'Leit motivéiert hier Logs eran ze schécken, och wa se net vill QSOen gemaach hunn.

## Budget 2018 a Cotisatioun

Den Trésorier huet folgende Budget fir d'Joer 2018 presentéiert:

**Recetten:**

| | |
|---|---:|
| Cotisatiounen | 9 500.00 € |
| Zënsen Spuerbuch | 50.00 € |
| Reklammen Bulletin | 450.00 € |
| Cours RA | 500.00 € |

| | |
|---|---|
| Donen | 50.00 € |
| Subsiden | 1 200.00 € |
| Verkaf vu Material | 100.00 € |
| Manifestatiounen | 400.00 € |
| Virgesi Recetten vun der Assurance wéinst dem Schued zu Dippech | 5 000.00 € |
| ***Sous-Total:*** | ***17 250.00 €*** |
| Mobilisatioun Réserven CCP | 3 410.00 € |
| **Total Recetten** | **20 660.00 €** |

**Dépensen:**


| | |
|---|---|
| DARC + QSL Büro | 1 600.00 € |
| Assurancen | 1 200.00 € |
| IARU | 450.00 € |
| Diplomer | 100.00 € |
| Manifestatiounen | 500.00 € |
| Restena | 40.00 € |
| Bulletin | 1 700.00 € |
| Cours RA | 500.00 € |
| Shack RL | 400.00 € |
| Sekretariat | 250.00 € |
| Annoncen an Zeitungen | 750.00 € |
| Trésorerie Onkäschten | 100.00 € |
| Pub. Rel. Onkäschten | 400.00 € |
| WG ATV | 500.00 € |
| WG ARDF | 500.00 € |
| WG Emergency communication | 500.00 € |
| WG HAMNET | 1 600.00 € |
| WG APRS | 500.00 € |
| WG DVC | 3 000.00 € |
| WG Voice repeater | 1 500.00 € |
| WG Balises | 50.00 € |
| WG Youth | 200.00 € |
| WG JOTA | 50.00 € |


| | |
|---|---|
| Rëm-Opbau Site Dippech, Dépensen net a Relatioun mat engem WG | 2 500.00 € |
| Locatioun Sall fir Monatsversammlung | 120.00 € |
| Aktivitéiten SNJ/Science Festival | 400.00 € |
| Divers | 1 000.00 € |
| Participatioun u Membersaktivitéiten | 250.00 € |
| **Total:** | **20 660.00 €** |

Den Trésorier huet präziséiert, dass fir de Budget z'équilibréieren eng Mobilisatioun vu Reserven vun deene leschte Joeren vum CCP virgesinn ass. D'Spuerbuch vum Club brauch also net ugepak ze ginn.

Hien huet och nach eng Kéier erkläert, dass Memberen ënner verschiddenen Oplagen finanziell Ënnerstëtzung vum Club kréien, wa se eng Aktivitéit organiséieren. Leider huet d'lescht Joer kee vun deem Budget-Punkt profitéiert.

De Budget ass vun der AG acceptéiert ginn.






D'Cotisatioune si sou festgehal gi wéi se och d' lescht Joer waren:

- Normal Cotisatioun: 34 Euro
- Famillje-Cotisatioun: 8 Euro
- Studente-Cotisatioun: 8 Euro
- Spezial-Cotisatioun 17 Euro

## Wahle vum Comité

Dëst Joer stoungen d'Wahle vum Comité um Programm (deen all 2 Joer nei gewielt gëtt). Well sech awer nëmmen 7 Kandidaten fir déi 9 Poste gemellt haten, huet net musse gewielt ginn. De Comité deen dem President zur Säit steet setzt sech also folgendermoossen zesummen:

- LX1CU Jean-Claude Duhr
- LX1IQ Luc Engelmann
- LX1NR Neckel Reuland
- LX1RW Romain Weber
- LX1TB Arsène Thill

- LX1TI Carlo Trezzi
- LX2A Philippe Lutty

Den LX1KQ huet dem LX1FC, LX1JU an LX1MA Merci fir hier Aarbecht am Comité gesot.

## Divers

## Éierepresident LX1MA

Well den Armand LX1MA dëst Joer net méi fir ee Posten am Comité kandidéiert huet, a sech also aus dem Comité vum RL zréck zitt, huet de Rescht vum Comité décidéiert fir hien als Éierepresident vum RL virzeschloen.
De Jos LX1GU huet eng Laudatio virgedroen, wourauser ervirgaangen ass, a wéivill Beräicher den LX1MA zanter 1963 am Intérêt vum RL, an de Funkamateuren an LX am Allgemengen, aktiv war. D'AG war d'Accord fir dem LX1MA deen Titel ze ginn, an hien krut ee klenge Kado iwwerreecht.

## Verlouse vun engem Transceiver

Een anonyme Sponsor hat een Occasiouns-Transceiver (Kenwood TS-50) zur Verfügung gestallt, fir en ënnert deenen neien Amateuren ze verlousen déi folgend Conditiounen all erfëllen:

- Am Préparatiouns-Cours vum RL ageschriwwe gewiescht sinn,
- Den Examen gepackt hunn,
- Op der Assemblée générale présent sinn.

Et waren 3 Kandidaten déi des Konditiounen erfëllt hunn. De Bob Staar huet den Haaptpräis gezunn, den Tom Theves a Gerry Hoffmann kruten een Trouschtpräis.

## CW Cours

Den RL ass vun e puer Leit drop ugeschwat ginn, op et net méiglech wier fir rëm ee gemeinsame Cours z'organiséieren fir Morse ze léieren. Dësen neie Cours

sollt als Ziel hunn, dass d'Operateuren duerno kennen CW-QSOen op de Bänner maachen, et gëtt net op een Examen hi geschafft. De Comité vum RL ass amgaang d'Machbarkeet vu sou engem Cours z'analyséieren, an huet eng Ëmfro bei de Membere gemaach, ween intresséiert wier u sou engem Cours deel ze huelen. Intresséiert Leit kenne sech kuerz per Mail un rl@rlx.lu mellen. Réischt wa spéider d'Detailer all bekannt sinn, muss ee sech definitiv umellen.

D'AG ass um 18:50 zougemaach ginn.

-oOo-



D'Gewënner vun der Verlousung


ANYTONE D868UV
FM + DMR DUALBANDER
MIT GPS & FARBDISPLAY
AnyTone tech
▪ DMR-Handfunke mit VFO-Betrieb!
▪ Einzelne DMR Parameter ohne PC einstellbar!
▪ Multi-ID fähig (mehrere DMR IDs auf einem Gerät)
▪ 2m (144-146 MHz) und 70cm (430-440 MHz)
▪ FM Betrieb (25 und 12.5 kHz Raster!)
▪ WFM Empfänger 87-108 MHz
▪ Bis zu 4000 Speicher, 10000 Talkgroups, 150000 Kontakte
▪ Spritzwasser geschützt
▪ GPS eingebaut!
▪ Firmware Upgradefähig
▪ USB-Programmierkabel im Lieferumfang enthalten
▪ Kompatibel zu Mototrbo Tier I & II
▪ Kostenlose Programmiersoftware (Download)
▪ Lieferumfang: LiIon Akku, Gürtelclip, Antenne, Netzteil, Standlader, Prog.Kabel, engl. Anleitung
179,- €
AnyTone
2018-01-03 00:01
VFO A
435.12500
VFO B
145.12500
Menu Zone List
WiMo
WiMo Antennen und Elektronik GmbH
Am Gäxwald 14 · 76863 Herxheim Telefon (07276) 9668-0 · Telefax -11
Irrtümer und Änderungen vorbehalten. Barpreise inkl. MwSt, zzgl. Versand

# Rapport vum QSL-Büro

Vun AG zu AG sinn 38.78 kg Kaarten un eis Memberen verdeelt ginn.

Eraus sinn 53,4 kg gaangen, ënneraanerem ass dat bedéngt duerch e puer Leit déi sech Zäit geholl hunn hier QSL Kaarten am groussen ze beäntwerten, wéi zum Beispill de Gilbert mat den Ruffzéchen LX1GG an LX1BSC, wat nëmmen ze begréissen ass.

Et woren och e pur Sonderrufzéchen am Outgoing vertrueden, wéi zum Beispill LX44FF vum Mill (LX1CC), déi derzou bäidroen d'Kurzwell um Liewen ze halen!

E puer schéin, an awer och ustrengend Owender hunn ech mam Jean-Claude (LX1CU) domadder verbruecht, fir den Tri vun de Kaarten no beschtem Wëssen a Gewëssen ze maachen.
Sollt bei deene bal 39 kg awer di eng oder déi aner am falsche Gefaach gelannt sinn, bieden ech Iech mer dëse Lapsus ze entschëllegen, an se einfach um nächste Clubowend zu Esebuer oder op der Monatsversammlung zu Peppeng ofzeginn.

Folgend Länner hate Kaarte geschéckt:
Ungarn, Japan, Bulgarien, Irland, Brasilien, Slowenien, Ukraine, Kanada, Italien, Falkland, England, Paraguay, Liechtenstein, Rumänien, Holland, Indonesien, Israel, Island, Schwäiz, Taiwan, Norwegen, Kasachstan, USA.

Den Outgoing ass trimestriell un den DARC geschéckt ginn, an et sinn op der Hamradio 13,4 Kg eegenhänneg un den DARC iwwerreecht ginn.

Vill Freed beim Sammelen vun DXCC'en wënscht Iech d'Claudine (LX1CX).

# Rapport vum Cours a vum Examen 2017-2018

Nodeems mer op der UNI-Lëtzebuerg um Campus Kirchbierg keen Zougang zu engem Sall méi kruten hätte mer missen als Alternativ op de Site vun der UNI op Belval wiesselen wat fir d'Kandidate net einfach gewiescht wär. Doropshin hu mer dun beim Lycée Technique du Centre gefrot a kruten do, ouni Problemer, vun hirem Direkter den Accord fir ee Sall mat der néideger Infrastruktur vun Enn-September 2017 bis Enn-Januar 2018 ze benotzen.

De Programme vum Cours, dee schon emol op de Säiten 14-15 am Bulletin 2/17 beschriwwe war, huet missen un d'Reglementatioun an de Froekatalog, déi een um Site vum ILR enner "www.ilr.lu - Radioamateurs - Préparation à l'examen - Catalogue des questions" fënnt, ugepasst gin.

7 Kandidaten haten sech ugemellt fir de Cours a waren am Ufank och do. Aus verschidde Grënn (Krankheet, Beruff oder soss eng Ursach) hun der nëmme 4 de ganze Cours suivéiert an sech dun fir den Examen ugemellt. Si sin och den 29.1.2018 beim ILR ugetrueden.

Am Ganzen haten sech 11 Kandidaten beim ILR ugemellt, 9 sin der ugetrueden, 8 fir den HAREC-Examen an 1 fir de NOVICE-Examen. 6 hun den HAREC-Examen bestanen, dovun 4 vum RL. Beim NOVICE-Examen huet 1 Kandidat bestanen.

**Félicitatioune vum RL fir seng 4 Kandidaten fir den HAREC-Certificat, et sin dat:**

**den Tom THEVES, de Bob STAAR, de Gerry HOFFMANN an de Sven GOERGEN.**

Zum Schluss awer och nach e Merci un d'Instrukteren (LX1HW, LX1GU, LX1KQ, LX3GR, LX2AU, LX1JM an LX1MA) déi och Méindes an Donneschdes owes Zäit opbruecht hun fir d'Coursen ze halen.

Armand LX1MA

# Rapport EMC/PLC, CEPT an TVI/ITV

## EMC

Um internationale Niveau ware mer bis elo durch den Thilo Kootz (DL9KCE) vertrueden. Den Thilo war och Chairman vum EMC-Committee vun der IARU-R1 a vun der Commissioun C7 an onse Vertrieder beim CISPR. No der IARU-Region 1 Konferenz zu Landshut vum 16.-23.9.2017 ass den Tore Worren, LA9QL, de Vertrieder am EMC-Committee vun der IARU-R1.

Op deem Wee gi mir weider iwer de Stand vun internationale Propositiounen a Reglementatiounen am Beräich EMC (Electromagnetic Compatibility) informéiert. 2017 gouf, ënner anerem, och den Afloss vu méiglechem QRM bei WPT (Wireless Power Transmission) fir drootlos Leeschungs-Iwerdroung (speziell d'Opluedung fir elektrësch Autoen) ënnersicht. Hei geet ett em « high power an high density » bei der Benotzung vu Magnéitfelder op Frequenzen vun 79-90 kHz (mat bis 22 kW fir Autoen) an Oberwellen bis 10MHz an der Noperschaft vu Recepteren, also och vun onsen RX'en. D'UIT, d'CENELEC, den CISPR an d'CEPT këmmeren sech och dorems. En entspriechend IARU-Dokument hu mer dem ILR iwerreecht fir bei der CEPT (Bulletin 1/17, Säite 30) am WG SE24 (Spectrum Engineering) ze benotzen. Och ëm d'Proceduren bei de Miessungen fir d'Festleeë vun de Limiten gouff ërëm diskutéiert. Am Beräich 79-90 kHz stellt sech och d'Fro op do net d'Receptioun vum DCF77 ( Funk-Aueren) kënnt a Fro gestallt gin.

An Europa ass d'**CENELEC** (Comité Européen pour la Normalisation Electrique) zoustännech fir europäesch Normen (EN) festzeleeën. Do ass d'IARU-R1 och Membre/Observateur.

Zu Lëtzebuerg ass den **ILNAS** (Institut luxembourgeois de normalisation de l'accréditation, de la sécurité et qualité des produits et services) déi zoustännech Instanz, déi derfir suerge muss dass keng Equipementer op de Marché kommen déi net de Normen iwer elektromagnéitesch Kompatibilitéit entspriechen.

## TVI/ITV

Den ILR schreift: „et waren am Joer 2017 och keng Stéirungen déi vun engem Radioamateur verursaacht goufen. Ech mengen déi Zort Stéirung stierwt aus…

Mir haten am Joer awer 2  Amateuren déi gestéiert goufen:

1. Den Här REIFF vun Hënchereng; hien hat permanent Kraachen (S9+60) am 40m-Band.

2. Den Här MATZ vun Beetebuerg; gestéiert duerch permanent Kraachen am 20m-Band.

Wat d'Ursaach vun deenen 2 Stéirunge war, kënne mer net soën. Kuerz ier mer bäi den Här REIFF sollte fueren huet hien Bescheed gesot, datt d'Stéirungen verschwonnen sen. Zenterhier sen se och net méi remkomm. Dem Här MATZ seng muss nach weider ennersicht gin, och wa mer schon e puermol sur place waren a verschidden Geräter an der Noperschaft ausgeschalt goufen (ech tippen op d'Telefons-Freileitungen an der Géigend als Ursaach).

## CEPT

D'CEPT (Conférence Européenne des Administrations des Postes et des Télécommunications) ass 1959 vun 19 Administratiounen gegrënnt gin. No 10 Joer ware scho 26 Administratiounen derbäi an haut huet d'CEPT Administratiounen aus 48 europäësche Länner.
D'CEPT ënnerstëtzt d'Coopératioun vu kommerziellen, opérationellen, reglementarëschen an technësche Normen. Hir Recommandatiounen a Rapporten gin och scho vun aussereuropäësche Länner applizéiert.

Fir ons Amateure si 5 Dokumenter vun der CEPT wichteg:

- TR 61-01: iwer de Betriib vun HAREC-Amateurstatiounen am Ausland
- TR 61-02: iwer den Examensprogramm fir d'HAREC-Lizenz

- ERC Report 032: iwer den Examensprogramm fir d'NOVICE-Lizenz
- ECC/REC (05)06: iwer de Betriib vun NOVICE-Amateurstatiounen am Ausland
- CEPT/ERC 62-01: iwer d'Benotzung vum LF-Band 135,7-137,8 kHz

All dës Dokumenter fënnt een, am einfachsten ënner “google” (www.rlx.lu – RL – Législation – Regulations – English Réglementations de la CEPT) wou een och den Text kann eroflueden. Dës Recommandatiounen / Rapporten gin och zu Lëtzebuerg applizéiert.

Armand LX1MA

-oOo-

# Rapport vum Award - Büro

## Diplomer

2017 goufe just 2 LX-Award’en 2017 ugefroot!

## Resultat vum Marathon

| | |
|---|---|
| Unlimited CW: | LX1CW mat 158 DXCC an 33 Zonen |
| Unlimited Phone/Digital: | LX1HD mat 175 DXCC a 40 Zonen |
| Formula Phone/Digital: | LX1CC mat 152 DXCC an 31 Zonen |

Philippe LX2A

# Rapport vum VHF, UHF, SHF Manager

Am Oktober 2017 hat d'IARU eng gréisser Emfro iwwert d'UHF/SHF Bänner lancéiert.
Do gong et drem wéivill Lizenzen, a Funkamateuren hei an LX sinn , bis zu den verschiddenen Aktivitéiten op deene verschiddene Bänner ze evaluéieren. Dat ganzt huet de Sënn fir d'Verteidigung vun den Amateurfunkfrequenzen an Versammlungen déi mat aneren Parteien ofgehale ginn fir d'Frequenzen kommerziell ze benotzen.
Lange Rede, kurzer Sinn ….et geet drem eis Frequenzen ze verdeedigen.
Et war ee laangt online ausfellen, an ech hat puer Uleef gebraucht bis ech um Enn ukomm war!

Merci dem Willi (LX1DB) fir déi gutt Hëllef.

Och dëst Joer waren d'Aktivitéiten op dëse Bänner ganz moderat an dat duerch déi schwaach Sonnenaktivitéit (wéineg Sporadic)
Rainscatter war e bësse besser wéi dat viregt Joer well mer d'lescht Joer heiansdo Donnerwiederen a Südfrankreich an och Däitschland haten.
Wéineg Tropo-ouvertüren.

Hei dann d'Lescht déi ech vum Willi kritt hunn:

| | |
|---|---|
| 29.05.2017 | RS avec I, HB9, DL |
| 16.06.2017 | ouverture tropo 144 MHz I, HB9, A, 9H |
| 18.06.2017 | en sporadic E 144 MHz LY, EW, EU, RN3, RA3 |
| 07.07.2017 | en RS 10GHz et 24GHz PA, OK, DL, OE |
| 19.07.2017 | en RS 10 GHz QSO F2CT distance 875Km |
| 08.09.2017 | en AU 144 MHz GI, GM,G, LA |

Iwwert de Mound (EME) sinn och rëm eng ganz Unzuel vun QSOë vum Willi (LX1DB) gemaach ginn an dat op 144MHz bis 24GHz.

Do kommen eng Rei vu Firsten dobei:

| | | |
|---|---|---|
| FR/DL2NUD – LX1DB | 1296 MHz | 03.03.2017 |
| EA8DBM – LX1DB | 1296 MHz | 03.11.2017 |
| KL6M – LX1DB | 3,4 GHz | 30.04.2017 |
| 3DA0MB – LX1DB | 3,4 GHz | 16.10.2017 |
| 3DA0MB – LX1DB | 5,6GHz | 17.10.2017 & WAC |
| EA9LZ – LX1DB | 10 GHz | 09.10.2017 & WAC |
| 3DA0MB – LX1DB | 10 GHz | 18.10.2017 |
| OH2DG – LX1DB | 24 GHz | 29.01.2018 |

Félicitatioun Willi fir däin Exploit mat zousetzlech 2 neien WAC op 5,6 an 10GHz op denger Lëscht.

D'First-Lëscht op der Home-Page vum RL ass an der Maach fir aktualiséiert ze ginn. Wann der also Firsten hutt deelt mer se w.e.g. iwwert lx1jm@rlx.lu mat.

Eis Balisen lafen ëmmer nach op de bekannte Frequenzen.
Merci un all déi, déi sech dorem bekemmeren.

All Dënschtegowend géint 20h ass eng Ronn déi sech ee RdV op 23cm (1296,220MHz) treffen fir QSO'en op dënn héiche Frequenzen (23cm bis 24GHz) ze maachen. Do sinn verschidden LX, DL,… vertrueden, mee d' Unzuel vun Participanten ass nach ëmmer ganz kleng. Wien Intressi huet ass häerzlech wellkommen.

73 de LX1JM, Jeng

# Rapport vun de 50 a 70 MHz-Aktivitéiten

Hei ass e kuerze Resumé iwwert d'Aktivitéiten op 6m & 4m hei an LX am Joer 2017.
Folgend LXer waren 2017 qrv:
6m: LX1BH, LX1DA, LX1ER, LX1GG, LX1HD, LX1JX, LX1NJ, LX1NO, LX1TI, LX9BSC
4m: LX2LA, LX1NO, LX1JX

**DX-Bedingungen:** 2017 goufen et erëm vill DX-Bedingungen während der Es-Saison vu Mee bis August 2017. Gouf do an de Joren virdrun haaptsächlech an SSB oder CW Verbindungen gemaach, sou ass dat 2017 komplett gekippt. Déi méscht QSO'en goufen an der Betribsart JT65 a méi spéit am Summer och mat dem neien Mode FT8 gemach. Dës digital Betriebsarten erlaben och e Monitoring iwwert d'Plattform PSK-Reporter https://www.pskreporter.info. Esou kann een direkt gesinn, wien op der Welt den CQ-Ruff empfang huet, an och mat wat fir enger Feldstärkt.


**Firsts:** Trotz de villen DX-Ouverturen, ass et awer weder op 6m nach op 4m zu neien First-Verbindungen komm.

**Balisen:** D'Balise LX0SIX op 50.023 MHz ass d'ganzt Joer ouni Problemer gaangen (an dat zënter 1993)


D'Balise LX0FOUR op 70,161 MHz huet am Summer awer Problemer gemaach, wou fir d'éischt e Netzdeel huet misse gewiesselt ginn. D'Ausgangsleeschtung war awer staark reduzéiert. De Moment ass se nach ëmmer ausser Betrieb; si soll awer fir d'Saison erëm qrv sinn.

73, Jacquot LX1JX

# Rapport iwwert d' Homepage vum RL





## Statistiken












Méi Memberen a méi Fotoë wéi 2016 an trotzdem war eis Websäit 2017 bal 10% manner oft besicht ginn.

Trotz dem Forum and dem My-RL, wou een eegen privat an ëffentlech Gruppen erstellen kann (z.B. SOTA, ARDF, XLX), schéngt sech keng richteg Eegen-Dynamik anzestellen. Als Webmaster géif ech mir fir 2018 wënschen dass méi Infoen um Site vun deene respektive Workgroups géinge publizéiert ginn amplaz ëmmer den Vermierk ze liesen "fir weider Infoen schreift een email un iergendeengrupp@rlx.lu".

## Wat steet 2018 um Programm?

2018 gëtt de Site op eisen neie Web Server migréiert fir prett fir déi nei Versiounen vun dem CMS op PHP 7 ze sinn.

## Merci!

Villmools Merci un all eis Memberen déi och erëm 2017 gehollef hunn eis RL Homepage ze fëllen sief et am Forum, duerch Fotoen oder Artikelen.

73, Marc LX1OM, webmaster@rlx.lu

-oOo-



D'Kandidaten am Lizenzexamen 2018

# Rapport vum Voice Repeaters Working Group
# LX0LU / LX0HI / LX0DMM

## Wat d'läscht Joer sou lass war

De Voice WorkingGroup war och dëst Joer rëm zimlech aktiv. Als gréisste Projet stoung sécher d'Opbauen vum "Musel-Relais" LX0DMM um Programm. Et war virun e puer Joer jo schonn dru geduecht ginn, fir ee Relais opzeriichte fir d'Musel-Géigend ofzedecken, well do bis elo keng gutt Couverture vun den aktuellen FM Relaise war. Den RL hat jo nach een 2M Hytera-Relais, deen net benotzt ginn ass. Dëst war dee Moment awer net méiglech, well mer keng Frequenz am 2m Band fonnt hunn, déi net iergendwou am noen Ausland mat engem anere Relais Interferenze gemaach hätt. D'läscht Joer huet dat geännert: virun e puer Joer sinn am IARU 2m Bandplang 2 nei Relais-Kanäl bäikomm. Des waren bis viru kuerzem bei eis awer net benotzbar, well net wäit vun Tréier ewech ee Relais a Betrib war, dee genau tëschent deenen 2 neie Frequenzen seng Ausgab hat. Lo huet awer d'Bundesnetzagentur acceptéiert fir d'Lizenz vun dësem Relais unzepassen, dass en op ee vun dësen 2 neie Kanäl geréckelt konnt ginn, sou dass déi 2. Frequenz fir eis benotzbar ginn ass.
Den LX0DMM ass also no enger Testphase vun 3 Méint als analogen 2m Relais zu Meechtem säit November 2017 am Regelbetrib. D'Koordinaten sinn 49°39.25'N 6°25.28'E (Locator JN39FP07NA) fir déi Leit déi sech d'Antenn vu méi no ukucke wëllen. Ee Vertikalstrahler vun Kathrein mat engem Gewënn vun +/-5 dbd ass mam Fousspunkt op 15 Meter esou montéiert ginn, dass d'Ofstralung Richtung Staat verstäerkt gëtt, an Däitschland esou weit wéi Méiglech ofgeschiermt bleift. Natierlech ass den Empfang op der däitscher Muselsäit awer och kee Problem. De Relais deckt déi ganz Route du Vin vu Munneref bis op Waasserbëlleg an e groussen Deel laanscht d'Sauer bis op Iechternach of. D'Hardware ass wéi virdrun ugedeit am Moment en Hytera Relais

den nach aus dem Bëstand vum RL iwwerholl ginn ass. De Relais leeft op 145.5875 MHz mat engem minus Shift vun 600 KHz an CTCSS vun 123 Hz.
Déi aner Voice-Repeater hunn 2017 ouni gréisser Ausfäll funktionéiert. Den LX0HI ass mëttlerweil komplett Akku-gepuffert, sou dass en eng gutt Zäit och bei Ausfall vum Stroumnetz ka weider benotzt ginn. D'Iwwerwaachung iwwer Hamnet déi d'läscht Joer hei erwähnt ginn ass, ass dëst Joer deementspriechend erweidert ginn, dass de Stand vun der Akku-Charge kann à distance kontrolléiert ginn, an Alerte generéieren wann ee Problem ass.
D'QST Emissioun vum RL gëtt lo och op deenen 3 FM Relaisen iwwerdroen, sou dass jiddereen an LX se iwwer dëse Wee misst kenne lauschteren.

## E puer Pläng fir dëst Joer

Fir dëst Joer ass ee vun de Pläng, fir ze kucken op et méiglech ass, déi 3 FM Relaisen op eng un eis Situatioun ugepasste Manéier mateneen ze verlinken. Hei sinn awer nach eng Partie Analysen noutwenneg, ier eng Ëmsetzung kann an Ugrëff geholl ginn. Am analogen FM ginn et e puer Problemer déi méi komplizéiert ze léise sinn, wéi an den digitale Moden, mee mir sinn zouversiichtlech, dass mer do eng Léisung wäerte fannen.
De Working Group huet sech am leschte Joer och Equipementer zougeluecht a gebaut fir QRM kennen ze analyséieren, well mer op eise Bänner leider ëmmer méi mat sou Problemer ze kämpfen hunn. Des wäerten dëst Joer nach e bëssen "au point" gesat ginn... an dono hoffentlech net ze dacks mussen agesat ginn.

Dan, LX1JU

-oOo-

Hat die Antenne einen Knick, war das Vögelchen zu dick!

# Rapport vum Digital voice communication WG

2017 wor nees e mouvementéiert Joer fir den DVC vum RL.

Wéi all Joer gouf nees vill geschafft an mir hunn et fäerdeg bruecht eisen D-Star Projet zu Lëtzebuerg mat enger bal globaler Couverture vum Land no bal 4 Joer ofzeschléissen!

Fir den Moment hunn mir 6 D-Star Relaisen.

**LX0DRD** zu Dippech, **LX0DML** zu Blaaschent, **LX0DRJ** zu Jonglënster, **LX0DRH** um Riesenhaff, **LX0DRV** um Ronnebëch an zu lescht den **LX0DRN** zu Nacher.

## Wat gouf elo konkret 2017 gemaach?



**LX0DRD:**

Nom Accident, wou e Camion den Mast zu Dippech bei Bauaarbechten emgeluecht hat, hu mir schnell reagéiert an den LX0DRD op Rodange geplënnert

wou en fir den Moment nach leeft bis mir den Site Dippech nees kënnen a Betrieb huelen.



**LX0DML:**

Well et vun Rodange aus nët méiglech ass d' Stad ofzedecken hu mir de Site Blaschette 2 aktivéiert wou den LX0DML fir eng Couverture an der Stad an Emgéigend suergt. Temporär ass den Relais ob dem Site als multimode Relais gelaf. Den Moment ass et awer ee rengen D-Star Relais well sech erausgestallt huet dass den MMDVM Modem laang nët esou gutt décodéiert wei eis bewäerten Dady-Star Kontrollerën. Mir wäerten awer probéieren dat ze verbesseren sou dass mir och nees en C4FM Relais an der Stadter Géigend hunn.

**LX0DRN:**

Fir de Norden ofzedecken hu mir den LX0DRN an Betrieb geholl. Dëse Relais wor ursprénglech zu Roullgen bei Wolz ageplangt. Mee well de Mast ob dem Site, dee mir eis erausgesicht haten, a wou och schonn intensiv Tester gemaach goufen ewech geholl gëtt, hu mir eis fir Nacher entscheet. Den LX0DRN deckt en riesegen Deel vum Norden of, inklusive d' Däller wéi den Heischter-gronn, Esch-Sauer, Wolz an Wëlwerwolz fir der nëmmen e puer ze nennen. All des Relaisen sinn iwwert HamNet un den XLX ugebonnen, duerfir mol vun hei aus en groussen

Merci un den HamNet Working Group vum RL mat dem mir Hand an Hand schaffen.






**LX0DME:**

Den DMR Relais vun LX9DX ass den 1. Hytera DMR Relais deen direkt um XLX hänkt. Duerch dëse Relais ass et méiglech fir déi Leit, déi nëmmen en DMR Gerät hunn, trotzdem un dem groussen D-Star Netz hei am Land deel ze huelen.

**XLX:**

Ob der HamRadio 2017 hat den DVC vum RL och nees säin traditionellen Stand zesummen mam RL. De Stand wor extrem gutt besicht, nodeem den LX1IQ am groussen Konferenzsall vum DARC déi neisten Fonctiounen vum XLX presentéiert hat.

Den **XLX Multiprotocol Gateway Reflector,** kuerz XLX genannt, ass mëttlerweil nët méi aus der digitaler Welt vum Amateurfunk ewech ze denken. Weltwäit lafen elo schonn méi wei 280 Reflekteren an iwwer 34 verschiddenen Länner an et kommen der all Dag derbäi! Den XLX beherrscht déi 3 D-Star Protokoller (DCS, DPlus an DExtra), déi 2 DMR Protokoller (DMR+ an DMR-MMDVM) an huet Schnëttstellen zum Brandmeister Netz, DMR-Marc an DMR+ Netz. De Moment schaffe mir un der Implementéierung vum C4FM Protokoll.


**Live Transcodéierung vun AMBE2 an AMBE2+:**

Et ass dem DVC Working Group vum RL als eenzegem weltwäit gelongen eng Echtzäit Transcodeierung tëschent den verschiddene Protokoller an excellenter Qualitéit ze realiséieren. D' Ameri-kaner ginn esouguer esou wäit a schwätzen vun 4K transcoding.

Well den DVSI den AMBE Softcodec nët erausgëtt, ass dat nëmme méiglech duerch en Hardware AMBE Server, deen den DVC speziell fir des Tâche entwéckelt huet.

**USB-3006:**

Mam USB-3006 hu mir en AMBE Server entwéckelt, deen op Basis vun 2x DVSI 3003 Chips funktionéiert. Et kënnen soumat 6 Streams parallel transcodéiert ginn.



Zum Schluss nach ee ganz grousse Merci un all déi Leit, déi am Hannergrond matgewierkt hunn an zu der Success story vum XLX an der DVC Working Group vum RL bäigedroen hunn.
Ouni sie wären all déi formidabel Projeten nët an esou kuurzer Zäit realiséierbar gewiescht.

Luc, LX1IQ

-oOo-

**Oops... Daisy ...?!**

Waat ass den Önnerscheed töschend P5* an engem Tram?
Do gett et keen: viir steht de Führer, an all déi aaner stinn hannert ëm.
Déi di net hannert dem Führer stinn, déi sëtzen! .... ..

* Nordkorea

# Rapport vum ATV Working-Group

Fir d‘éischt mol en häerzleche Wöllkomm un de Serge, LX1KX an de Jang, LX1WJ am ATV Working Group. Mir sinn frou fir all Hand a Kapp déi eis aktiv mat hëllefen.

## Situatioun 2017

Wéi d lescht Joer ugekennegt ass den ATV Relais als Beacon QRV.
Déi éischt Installatiounen goufen am Féijoer 2017 a Betrieb geholl a getest.
Ufanks hate mer gutt Rapporten vum LX1DB, LX1CD, LX1PL,LX1JM, an och eng gutt Demo op eisem Grill-Fest um Bridel konnt gemaach ginn. Mee de System war net ganz stabel, souwuel bei den Antennen wéi och beim TX waren Anomalien festzestellen.
Den 11/08/2017 hu mer dunn eng éischt Revisoun gemaach an eng vun den Antennen duerch eis Ersatzantenn ersat. Och de Koppler fir déi 4 Antennen ass duerch e neien a besseren ersat ginn.
Dem LX1JM säi schons zimlech alen TX ass duerch e neie System ersat ginn.
Zenter der Revisioun leeft dat alles ouni Problem, 24/24 a 7/7 am Interval vun 3min un an dann 2min aus mat enger PA Leeschtung vun 35W.
Rapporten hu mer kritt vun:

- Jean-Claude LX1CU Vichten
- Serge LX1KX Jonglenster
- Shack zu Esebuer mat enger Testantenn. Do senn och schonns Preparatioune fir eng fix Installatioun gemaach ginn.
- Jang LX1WJ JOTA QTH Colbach a bei him doheem, Henschereng, an nach aner portabel Siten
- An och déi schonns vidrun genannte Statiounen.

En décke Merci un all déi Leit déi um Site matgehollef hunn, a fir déi Rapporten,

dat ass och matschaffen!

## Geplangt fir 2018

Ma den ATV „Beacon“ als richtege Relais ze erweideren.

Dat heescht den RX Deel a Betrieb ze huelen, sou datt e mat engem TX am 13cm Band en TV Signal drop gesend ka ginn an de Relais dat op 23cm emsetzt an ausstraalt.

Fir dat ze realiséierën ersetze, mer den einfachen Atmel Controller duerch ee Raspberry Board, dat eng Rei vun bessere Méiglechkeeten huet. Zum Beispill, et kann een AV (Audio/Video) Fichieren ofspillen a senden, och kann deen un eisen HamNet Reseau ugeschloss ginn fir sou AV Fichieren drop ze setzen, oder den ATV System ass iwwert HamNet ereechbar fir Tester ze maachen oder ze kontrolléieren am Fall vu Problemer.

Den HF Deel vum RX System ass schonns beim LX1JM doheem operationel. Fir d‘Antennen mussen nach d‘Masthalterungen gebaut ginn. De Raspberry Controller steiert och eng AV Matrix, mat deer verschidden AV Sourcen op den TX geschalt kenne ginn. D‘Hardware ass och schonns do, muss awer och nach programméiert ginn.

An dann hoffe mer op bessert Wieder fir d‘Installatioun um Site kennen ze maachen.

Dat hei ass e klenge Résumé, fir méi Detailer kontaktéiert ee vun den ATV Working-Group Memberen an den RL-Versammlungen oder per E-Mail un atv@rlx.lu

Fir den ATV Working-Group, 73 de LX1JM, Jeng

-oOo-

Häschen meint: Willtu morsen? - Muttu üben!

# Rapport vum APRS Working Group

2017 war den APRS Working Grupp mat Virbereedungs- an Entretiensaarbechten beschäftegt.
2018 ass geplangt den LX0APN Relais ze moderniséieren an ob Nacher bei den D-Star Relais LX0DRN ze plënneren. Hei gouf schon nei Hardware kaaft. Um Site vun Nacher gouf schon ee Coax-Kabel verluecht, wou dann den APRS Relais dorun ugeschloss gëtt.

Wei et ausgesäit huet den RL APRS Group en neie Site fonnt an der Stad fir den Stater APRS Relais LX0APL do nei opzebauen. Mir waren eis den neien Site ukucken a dëse verspréicht eng optimal Ofdeckung vun der Stad. Et ass schonn ugefangen ginn dëse Relais zesummen ze bauen.

Als APRS Modern kennt den WX3in1 vum Mateusz Plocinski SQ3PLX zum Asaz, den ass vir den RL  APRS Working Grupp en ausgeräifte Produkt ouni Feeler dran a weltwäit notzen iwwer 1000 APRS Relaisen dee Modem.

2 Clibb vun den iwwer 1000 weltwäit sinn d'ADRAD an den DARC K31 West Eifel, woumat en optimale Betrib an eiser Géigend garantéiert ass.
Bei WX3in1 plus 2 ab Versioun 1.13 huet een d'Méiglechkeet den UI-Frame den iwwer den Internet kennt ze droppen oder anescht gesot den UI-Frame den iwwer RF, via Funk, duerch ze loossen. Leider schécken e puer APRS IGATE, och hei am Land, onnëtz APRS Informatiounen vun Statiounen die honnert KM vun Lëtzebuerg ewech sinn, wat d'APRS Netz onnéidech belaascht

Zanter 2017 kennen och d'APRS Relaisen ee Bulletin verschécken, eng Text-Informatioun, déi dann beim APRS User am Funkgerät gelies kenne ginn. Hei e puer Beispiller:

Nachrichten in Gruppe LUX:

| **Rufzeichen** | **ID** | **Mitteilung** | **Alter** |
|---|---|---|---|
| LX0KA-10 | BLNALUX | A.G. vun der ADRAD 31.03.2018 Hotel Penning | 42m33s |
| LX1CU-13 | BLNALUX | XLX Reflector goes DMR  http://xlx.epf.lu/xlx270/index.php | 8m19s |
| LX6K-10 | BLNALUX | XLX270 The Home of Digital Voice in Luxembourg | 38m13s |

Mir wënschen allen APRS User weiderhinn vill Spaass.

Frequenzen: 144.800MHz an 432.500 MHz

Websiten: http://aprs.fi oder https://www.aprsdirect.com/

**euro.aprs2.net** ass déi optimal APRS Server Adress fir Lëtzebuerg

73 de LX1KQ, Mich

-oOo-



# Rapport vum Packet-Radio / HAMNET / Echolink WG

Calls: LX0PAC / LX0NET / LX0IST / LX0PRD / LX0PRV / LX0PRL / LX0PRJ / LX0PRM / LX0PRN

## Wat d'läscht Joer sou lass war:

- Duerch en Accident mat engem Camion ass de 40m Mast zu Dippech an e Koup gefall an all eis Hamnet Antennen sinn dobäi leider mat futti gaang. Et ass geplangt den Site awer dëst Joer op enger aanerer Plaatz rëm a Betrieb ze huelen.
- Et goufen nei Hamnet Siten aktivéiert:
    - Junglinster LX0PRJ,
    - Blaaschend LX0PRL
    - Meechtem/Mousel LX0PRM
    - Nacher LX0PRN Hei leeft de Linkverkéier fir eis Digital Relais (D-Star, DMR) driwwer.
- Internen Hamnet Routing komplett op 32bit BGP AS Nummeren ëmgestallt. Doduerch heelt den LX Hamnet Réseau sech selwer, wa verschidde Linken ausfalen. Et ass och lo just nach een zentrale Router pro Site aktiv, wat d'Configuratioun an den Debugging am Fall vu Problemer erliichtert.
- Den Echolink LX0ELS zu Rodange huet ouni gréisser Problemer fonctionéiert. Gëtt allerdings leider net oft benotzt.
- Den Hamnet HF Link mat DL huet leider mussen op der däitscher Säit wéinst Problemer mat dem Site oofgeschalt ginn. Mir schaffen awer rëm drun hei eng Léisong ze fannen.

## E puer Pläng fir dëst Joer:

- Mam Ausbau vum HAMNET Réseau weider fueren. HF Linken fir den kompletten Hamnet Reseau an LX a weider zu eisen Nooperen (DL, ON, F).
- Weider Userporten (13cm) op strategesche Platzen. All OM deen wëll kann sëch dann mam Datenfunk verbannen, virausgesaat hien huet Siichtverbindong zu engem vun dësen Siten.
- Opriichten vun neiem Material um neie Mast zu Dippech.
- Bessere Monitoring vun den technesche Parametere vun eisem Réseau.

Merci an 73, Arsène LX1TB

-oOo-


| | |
|---|---|
| Schaller INFORMATIC LUXEMBOURG | Schaller ELECTRONIC LUXEMBOURG |
| Kompetent für individuelle Wünsche Hardware und Software | Der Experte für Elektronik Komponenten u. Messtechnik Partner für Entwicklung und Produktion |
| **Schaller Informatic S.á.r.l** 21, Av. de la Faiencerie L-1510 Luxembourg Tel. 228533-1 Fax 228529 | **Schaller Electronic S.á.r.l** 19, Av. de la Faiencerie L-1510 Luxembourg Tel. 475239-1 Fax 471507 |

# Rapport vum Emergency Communication WG

Am Joer 2017 sinn e puer Saachen am Hannergronn gelaaf. Eng Kéier ass eng Noutstroumversuergung zusummegebaut ginn, wou just nach e puer Dioden anzebaue sinn, vir dei 3 Sourcen ze schützen an déi duerno an d'Testphase geet.




Hei eng Foto vun déër Noutstroum-versuergung déi 2018 wärt a Betrieb goen.

Dann huet d'Workinggrupp och ee Laptop; een Dell Latitude 7240; kritt, vir kennen d'Funkgerät waat vum RL zur Verfügung gestallt gett, och an digitale Funk–Modi kennen ze notzen an och bei Phonie méi einfach als Logbuch notzen ze kennen.

Zousätzlich huet d'Workinggrupp matt deene 4 Veräiner déi hei zou Letzebuerg och Funk–Infrastrukturë bedreiwen an och ee Workgrupp Noutfunk hunn, Kontakt opgeholl, vir zesummen eng national Struktur obzebauen, déi d'Infrastruktur vun deenen 4 Veräiner notzt a vir och d'Noutfunk-Workguppen zesumme schaffen ze lossen. Déi 4 Veräiner sinn alleguerten d'accord vir bei der gemeinsamer nationaler Noutfunkgrupp matt ze maachen, an och hier jeweilesch Infrastruktur zur Verfügung ze stellen. Vir d'Kommunikation tëschent der nationaler Noutfunkgrupp an deenen eenzelnen Veräiner oofzesécheren, huet all Veräin 2 Representantë am Comité vun der nationaler Struktur.

Zousätzlich kréien dei 4 Veräiner vir hier Infrastruktur ze verwalten, en Ticket-system mat CMDB – Datebank zur Verfügung gestallt, wou all eenzelne Veräin hier eegen Infrastruktur an der CMDB androë kann.

Dösen Ticketsystem ermeiglecht ob där enger Sait de Veräiner ze gesinn waat

wou ob hiere Sitë verbaut ass (wuel gemierkt wann d'Datenbank ëmmer à jour gehaale gett); an déi Informationen ze notzen vir se bei hieren Assurancen eranzereechen; an daat ouni groussen Obwand; an och iwwert eng länger Zäit ze gesinn, waat ob deenen eenzelne Siten vun Incidenten an Problemer obgetruede sinn, vir dess Informatiounen an hieren jeweiligen Comité'en ze notzen vir weider Décisiounen ze huelen.

Waat elo deemnächst geplangt ass, ass di Statuten; déi de Moment an Aarbecht sinn; an enger eischter Versioun fäerdeg ze stellen, a matt deene 4 Veräiner ze diskutéieren an eventuell Ännerungen anzebréngen. Duerno ginn déi fäerdeg Statuten un offizieller Stell déponéiert. An där neier Struktur ginn och all Prozeduren vir Lëtzebuerg ausgeschafft. Do sti mer nach ganz um Ufank, an dofir gett déi Struktur obgebaut, vir kennen an der Noutkommunikatioun méi séier virun ze kommen, well ee Mann alleng brengt daat niewt senger Aarbecht a ganz kuurzer Zäit net fäerdeg. Dofir sinn och ëmmer Fräiwëllecher erwënscht déi sech melle könne vir eng Hand matt unzepaaken. Dest kennen esouwuel Leit sinn déi méi am administrativë Beräich wei och am Technesche kompetent sinn. Melle kann een sech ob emergency@rlx.lu.

An och duerno gëtt a gemeinsamen Trainingen forméiert. An dësen Trainingen ginn esou wuel déi international wéi déi national Prozeduren geübt an och duerno duerchdiskuteiert. An da ginn natirlech och dei schons virum Exercice generéierten Ticket'en, bezüglich deenen jeweiligen Infrastruktur–Site'en, aktualiseiert. Esou ginn déi jeweilig Workgruppen vun deenen eenzelne Veräiner informeiert, datt een Exercice iwwert hier Infrastruktur leeft an natirlech och wéi den Exercise gelaaf ass. An et ginn och zousätzlich innerhalb deenen Ticket'en iwwert ee Rapport, Informatiounen verdeelt, waat gudd gelaaf ass an waat vläicht net esou gudd gelaaf ass. Esou hunn dei eenzel Workgruppen ee Feedback vun hieren Infrastrukturen a könne, wann et si muss, Mossnahmen aleeden.

73, Paul LX1HP

# RZ Location

**au cas où vous êtes intéressé à louer un camion élevateur,**

**contactez-nous au 799 137 ou info@ejr-ries.lu**




**http://ejr-ries.lu/**



# Rapport vum ARDF Working Group

## Réckbléck 2017 an Aussiichtë fir 2018

Den ARDF Working Group hat dëst Joer rëm als Highlight seng national Fuussejuegd am Summer, den 20. August 2017. Am Bulletin 2/17 war heiriwwer jo schonn ee méi detailléierte Rapport. Als Preparatioun fir dësen Event war den 30. Juni zu Esebuer am Kader vun engem ClubOwend och een Initiatiouns-Cours fir ARDF organiséiert ginn, wou e puer Memberen mol probéiert hunn wéi een e Sender op 80m muss sichen, dee just an 1-Minuten-Intervalle send. Am Fong war et ee Succès, well schlussendlech hunn des Leit och bei der Fuussejuegd den 20. August matgemaach!
Fir de Rescht kann een nach erwähnen, dass am Laf vum Joer d'80M-Equipementer vum RL 2 mol bei de Scouten a Betrib waren, nämlech um Scouts-Camp am Summer (LX4GO um Kierchbierg, Detailer wéi et do benotzt ginn ass sinn am Bulletin 2/17 nozeliesen), a fir de JOTA wou 2 Gruppen jeeweils 1 Sender an e puer Empfänger hate fir eng Mini-Fuussejuegd mat de Kanner ze maachen.
Den Aarbechtsgrupp huet am Laf vum Joer 2018 virgesinn e bëssen um 2-Meter Equipement vum Club ze schaffen, fir dat och an Zukunft eventuell rëm kennen ze benotzen, parallel zu dem fir 80M. D'Plangen vun enger Fuussejuegd am Summer ass och schonn amgaang. D'Detailer wäerten, soubal se festgeluecht sinn, op der Homepage vum RL an an der QST Emissioun matgedeelt ginn.

73 de LX1JU, Dan

-oOo-

Life isn't too short for QRP, it is too short for Facebook and Twitter...

# Rapport vun der Youth Working Group

An der Jugendarbecht as sech unsech un aaner Aktiviteiten bedeelegt gin.
Wei all Joer as et schweier dei Jugendlech ënnert sech fir en Dag beieneen ze kréië wann hir Elteren z.B. net am Club sin.
Dofir huet den Youth Working Group sech un den 3 Haaptaktivitéiten vum Joër, nämlech de Scoutscamp “GoUrban”, d’ARDF Fuussejuegd, an de JOTA am Oktober bedeelegt.
Bei den Aktivitéite waren e puer Jugendlecher présent an um Camp vun de Scouten konnten och Net-Funkamateure sech den Hobby ukucken.
Och konnten mir eis eng Idee um JOTA huelen an e puer Léit-kiten fir weider Bastelaarbechten bestellen. Dest waren Morse-tast-platinen, di hun de Virdeel dass se 1. mussen geléit gin, an 2. dass rem CW geübt gett.
Fir den YOTA-Mount am Dezember as et d’läscht Joër net duergaangen eng Equipe op d’Bühn ze kréien.

73, Christian, LX1FC

-oOo-

Um Nachricht zu senden über'n Draht,
Herr Morse erfand den Apparat.
Ein Telegramm ist schön und gut,
doch wie ohne Draht man es senden tut?
Dies' Wunder, mit Bedacht,
Hat Signor Marconi möglich gemacht.


Buddipole 40-2m Portabelantennen bis 250 Watt
Pfiffiges Baukasten-System mit tollen Starterkits als Dipol oder Vertikalantenne!
Buddistick
Standard mit Radials und Tragetasche ........... 169,- €
Deluxe Kit mit zusätzlichem Teleskop, Vertikalklemme und dritter Spulenabgriff-klemme ................. 239,- €
Buddipole
Deluxe Kit mit Stativ und 4,8m Mast ......... 666,- €
dito, mit 2,4m Mast ................................. 545,- €
dito, ohne Mast und Stativ ....................... 259,- €
Mini Buddipole, nur 33 cm Packmaß ........ 283,- €
Viel Zubehör ...
z.B.: 80-m-Spule, Stck. je ..... 99,- €
Schnell abstimmb. Antennen-strahler, 3m ........... 149,- €
3 Abgriffklemmen ... 15,- €
... ab Lager lieferbar!
WiMo Antennen und Elektronik GmbH · Am Gäxwald 14 · 76863 Herxheim
Tel. (07276) 96680 · Fax 966811 · info@wimo.com · www.wimo.com
Irrtümer und Änderungen vorbehalten. Barpreise inklusiv MwSt., zzgl. Versand
WiMo

# Nachlese SAARLORLUX AFUTAG 2017

Deutscher Amateur Radio-Club e.V. Ortsverband Sulzbach-/ Fischbachtal, Q08

SAARLORLUX-Amateurfunktag ein voller Erfolg!



Der am 29. Oktober 2017 stattgefundene SAARLORLUX-Amateurfunktag übertraf alle Erwartungen in punkto Aussteller und Besucher. Die "Alte Näherei" platzte fast aus allen Nähten mit Besuchern aus Belgien, Frankreich, Luxemburg und Deutschland. Eine reiche Auswahl an Amateurfunk-Geräten, neu und gebraucht, wurden von vielen Händlern und Privatpersonen angeboten.

Neben dem Info-Stand für allgemeine Amateurfunkfragen konnten vom Distrikt-Notfunkreferent Dieter Lorig DK4XW, und seinem Kollegen aus Zweibrücken K12, Rolf Behnke DK4XI, zahlreiche Fachfragen der Besucher beantwortet werden.


Auch Manfred Müller, DL4VAI, EMV-Referent Distrikt Saar hatte alle Hände voll zu tun mit dem Messen und Prüfen von Elektronik-Geräten. Ein Vortrag über Blitzschutz an Amateurfunkgeräten, vorgetragen von Dr. Markus Bernardi, DL4VAC, fand ebenso reges Interesse.

Auch für das leibliche Wohl war in der "Alten Näherei" in Quierschied bestens gesorgt, so dass man eine sehr positive Bilanz über diese Veranstaltung ziehen kann.

Dank noch einmal an alle Aussteller, Betreiber von Info-Ständen und Besucher, die diese Ausstellung bereichert haben.

Herzlichen Dank auch an die Familien Herbert Hell DO9GH, Heinz Nauerz DK4XC und DK4XD, Christoph Klär, DG8VC und viele andere Helfer, die diese Veranstaltung erst ermöglicht haben, welche noch mehr Besucher verzeichnen konnte als die im letzten Jahr.

-oOo-




Deene läschte Rumeurë no soll di YL hei dee näxten CW - cours haalen!

# Special event: UBA 70 Hits The Airwaves

ROYAL UNION OF BELGIAN HAM RADIO

IARU member

Treasurer & HF Manager

Egbert Hertsen – ON4CAS

Van Busleydenstraat 10, 2800 Mechelen

on4cas@uba.be

www.uba.be

DXCC Card Checker – IOTA Checkpoint – CQ Magazine authorized Checkpoint

UBA 70 Hits The Airwaves

This year, the Belgian IARU society UBA celebrates its 70th birthday. To celebrate the event, 59 special event stations will be active during the month of May 2018. These callsigns will be:

OT70ACC, OT70ALT, OT70ARA, OT70AST, OT70ATH, OT70ATO,

OT70BDX, OT70BFA, OT70BSE, OT70BTS, OT70BXE,

OT70CRD, OT70CLR, OT70CPN,

OT70DIG, OT70DST,

OT70EKO, OT70ERA,

OT70GBN, OT70GDV, OT70GNT, OT70GTM,

OT70HCC, OT70HRT,

OT70KTK,

OT70LGE, OT70LIR, OT70LLV, OT70LUS, OT70LVN,

OT70MCL, OT70MLB,

OT70NBT, OT70NLB, OT70NNV, OT70NOL,

OT70ODE, OT70ONZ, OT70ORA, OT70OSA, OT70OSB, OT70OST,
OT70PHI,
OT70RAM, OT70RAT, OT70RCA, OT70RSX,
OT70SNW,
OT70THN, OT70TLS, OT70TRA, OT70TWS,
OT70UBA,
OT70WLD, OT70WRA, OT70WRC, OT70WTO,
OT70YLC,
OT70ZTM.

The suffixes of these callsigns represent the local UBA club divisions, i.e. OT70BXE stands for Brussels East.

QSLs will be available via OQRS on Clublog.

A commemorative award is available in three classes:

| Award Class | Number of *different* OT70 stations worked |
|---|---|
| Bronze | 10 |
| Silver | 20 |
| Gold | 30 |

The award will be presented at no cost via the webpage 70.uba.be




The UBA is looking forward to make many contacts!

# Coming events:

## SAFA 2018

Die Messe S.A.F.A. in Dillingen/Saar ist die Saarländische Amateur Funk Ausstellung. Zahlreiche profesionelle und private Händler stellen auf der S.A.F.A. Messe Dillingen Amateurfunkartikel, PC-Technik und Zubehör aus. Die Dillinger SAFA - Saarländische Amateur Funk Ausstellung Messe findet parallel zu der Maker Faire Dillingen/Saar statt.

| | |
|---|---|
| **Aktueller Termin:** | 29.04.2018 (Sonntag) |
| **Adresse und Anfahrt:** | Stadthalle Dillingen/Saar<br>Pachtener Strasse, 66763 Dillingen/Saar |
| **Messeangebot:** | Elektronik, Funk, PC-Technik, Amateurfunkartikel, nostalgische Radios |
| **Zeiten & Preise:** | Öffnungszeiten: von 09:00 Uhr bis 17:00 Uhr<br>Eintrittspreise 2018: Tageskarte: 3,00 EUR |
| **Messeteilnahme:** | Veranstalter / Standanfrage: DARC e.V. - Deutscher Amateur-Radio-Club |

Sie möchten als Aussteller dabei sein? Hier können Sie alle Informationen und Anmeldeunterlagen beim Veranstalter / Messeprojektteam anfordern:
Web: https://www.messen.de/de/3160/veranstalter/darc-ev-deutscher-amateur-radio-club/standanfrage/messe/19379/safa

(Résumé vun der Websäit, d. Red.)

**D'Radioamateurs du Luxembourg a.s.b.l. (RL)**

invitéieren Iech häerzlech op

# d'Grillfest um Bridel

# Donneschdes, den 10. Mee 2018

vun 11:00 bis 20:00 Auer

**Wou?**

**Scouts-Home „Däreldéieren"**
**11, rue du Tilleul**
**L-8158 Bridel**




Grillen ënnert Funkamateuren a Frënn

## Fir Gegrills a Gedrénks ass gesuergt.

**Eng Umellung beim Jean-Claude LX1CU, lx1cu@rlx.lu oder 621 360159, erliichtert eis d'Organisatioun.**

**11, rue du Tilleul**
**L-8158 Bridel**

**GPS Koordinaten:**
**49.662353, 6.080600 / 49° 39‘ 44.471“ N, 6° 4‘ 50.159“ E**





<u>**Aweisung op 145.500 MHz FM**</u>

# Hamradio 2018




Och dëst Joër ass den RL erëm mat engem Stand op der Hamradio vertrueden.



# 49 Jahre SAARLORLUX-Freundschaftstreffen

Wann: 15. bis 17. Juni 2018 in Weicherdange bei Clervaux

Funkamateure aus Frankreich, Luxemburg und dem Saarland treffen sich bereits im 49. Jahr in Luxemburg zum jährlichen Freundschaftstreffen. Drei Tage und 2 Nächte sind die Funkfreunde aus dem SAARLORLUX-Raum unter dem Sonderrufzeichen "LX8SAR" auf allen Frequenzen und Betriebsarten zu hören. Auf dem Wiesengelände der Jugendherberge Weicherdange stehen viele Funkantennen (KW u.UKW) für den Funkbetrieb zur Verfügung. Auch eigene Antennen können auf dem Herbergsgelände aufgebaut und getestet werden.
Folgendes Programm ist für das Freundschaftstreffen geplant:

- Freitag, 15. Juni 2018: Ankunft und Begrüßung der Teilnehmer, sowie permanenter Funkbetrieb mit dem Sonderrufzeichen "LX8SAR".
- Samstag, 16. Juni 2018, 12.00 Uhr: gemeinsames Mittagessen und ab 14.00 Uhr Museumsbesuch in Clervaux. "The Family of Man".
- Sonntag, 17. Juni 2018, gemeinsames Mittagessen und Verabschiedung der Teilnehmer.

Die Übernachtungskosten in der Jugendherberge betragen 15 Euro pro Nacht und Person. Für das Frühstück und Abendessen (Grill steht zur Verfügung) sind die Teilnehmer selbst verantwortlich. Ein Supermarkt zum Einkauf ist in der Nähe von Clervaux vorhanden.
Für Anmeldungen und weitere Informationen stehen LX1KQ@RLX.LU oder DK4XC@DARC.DE (Tel.: 06897-62439) zur Verfügung.
Wir wünschen allen Meeting-Teilnehmern eine gute Anreise.

73, SAARLORLUX-Referent Heinz DK4XC - OV Q08

# DIRAGE 2018


32e
DIRAGE
UBA • DST
Internationale Ham- en Radiocommunicatie beurs
HAMBEURS • BOURSE RADIOAMATEUR • BÖRSE
17 JUNI 2018
ZONDAG • DIMANCHE • SONNTAG
NIEUWE LOCATIE SINDS 2016
9.00 - 14.00
Den Amer | CC Diest
Nijverheidslaan 24 | 3290 Diest | België
Reuze hambeurs
1000m²
Geschenk voor iedere bezoeker
Voordracht & demo
Bourse géante
1000 m²
Cadeau pour chaque visiteur
Présentation & demo
Riesen Börse
1000 m²
Geschenk für jeden Besucher
Präsentation & Demo
ONØDST
145,7125 MHz
131,8 Hz
diest
diest mijn stad
DST 50
1966 | 2016
More info
www.DIRAGE.be
info@dirage.be
Niet op de openbare weg werpen • Ne pas jeter sur la voie publique • Nicht auf die Strasse werfen

# Flouhmaart

A vendre chez Roger LX2RV:

- SWRmètre DAIWA CN 620 A   1,8-150 MHz   20/200/1000 W   70.- €
- Alimentation K-PO SPA 8230   13,8 V 23 A   100.- €
- Transceiver YAESU FT290R    144 MHz 2,5 W 12 V avec doc. en anglais, câbles, micro et berceau spécial p. voiture, et alim. 220 / 12 V   150.- €
- Transceiver KENWOOD TM-V7 FM 144/430 MHz avec micro et doc. en français   250.- €
- FUNK-KAM MK2 RF color, objectif 6 - 9mm, fréquence 2,4 GHz   100.- €
- DVAR (Dongle Rouge) VHF, complet dans boîte d'origine, RASPBERRY PI modèle B, complet avec alim. et carte SD 8 GB, D - LINK avec manuel sur CD et guide d'installation rapide   80.- €
- Fréquencemètre STARTEK ATH 30 2,8 GHz avec doc. en anglais   100.-€
- Commutateur d'antenne MFJ 1700C à 6 positions avec protection surtensions (surge protector), neuf   110.- €
- Portatif numérique ICOM E92D    dualband FM VHF/UHF avec doc. en français, avec socle chargeur BC 177, micro GPS HM 175, RS 92 (remote control software) CD et câble programmeur, câble alim. voiture CP-19 R, le tout 300.- €
- Portatif WOUXUN KG-UV 8D   dualband FM VHF/UHF   60.- €
- CW keyer / reader MFJ 464 avec doc. fr./ang. et câble   150.- €
- Alim. KENWOOD PS-30   12V   60.- €

Adresse:  Roger Verheyden, 22, Domaine des Ormilles, L-8088 Bertrange

Email:  roger.verheyden@tango.lu

GSM:  621 140 521

(publié avec permission OM)

# Reflexiounen: Den RL dobaussen

Am Quierschieder Anzeiger (dat ass eng Lokalzeitung viir d'Gemeng Quierschied am Saarland) an och am Saar-Rundspruch vum DARC vum 1.4. ass iwwert den RL geschriwwen a geschwaat ginn. En aanert LX - thema am Rundspruch waar d'SAAR LOR LUX - treffen zou Wäicherdang.

**DARC e.V. - OV: Sulzbach-/Fischbachtal, Q08**

**Luxemburger Funkamateure haben Vorstand bestätigt.**

Am 11. März 2018 fand die jährliche Mitgliederversammlung mit Vorstandsneuwahlen des "RL" in Gonderange (LX) statt. Gegen 16.00 Uhr begrüßte der Präsident OM Mich Friederich, LX1KQ, alle Mitglieder des "RL" (Radio Amateurs du Luxembourg), insbesondere den SaarLorLux-Referenten des OV-Sulzbach-/Fischbachtal, Q08, OM Heinz Nauerz, DK4XC, der sich für die freundliche Begrüßung bedankte und der Versammlung einen erfolgreichen Verlauf wünschte.

Nach den Berichten aller Referatsinhaber des "RL" bedankte sich Mich, LX1KQ, für die im vergangenen Jahr geleistete Arbeit. Bei der Neuwahl des Vorstandes wurde der alte Vorstand bis auf ein Referat wieder bestätigt.

OM Armand Erpelding, LX1MA, ist aus Altersgründen nicht mehr zur Neuwahl angetreten. OM Armand, LX1MA, war lange Jahre Präsident des "RL" und für Verwaltungsarbeiten bei der Telecom in Luxembourg zuständig. Da sich LX1MA lange Jahre im Vorstand große Verdienste erworben hat, wurde er zum Ehrenpräsidenten des "RL" ernannt.

Die Funkfreunde unseres Ortsverbandes, Q08, die schon 49 Jahre SAARLORLUX-Freundschaftstreffen mit organisiert haben, gratulieren OM Armand Erpelding, LX1MA, ganz herzlich zum Ehrenpräsidenten und hoffen noch viele gemeinsame Aktivitäten miteinander erleben zu dürfen.

(erageschéckt vum OM Heinz DK4XC)

-oOo-

# Waat a wou? - De Site "Blaaschent 2"

De Site Blaaschent 2 läit rietserhand vum Duerf, wann ee vu Lorentzweiler de Bierg erop gefuer könnt. Wann een duurch den Tunnel "Grouft" fiert, fiert ee quasi önnert dem Site erduurch.



Longitude / Latitude: 6,16046° E; 49,69715° N

Locator: JN39BQ

Héicht: 426 m iwwer Normalnull

Flouernimm: Kuelebierg, Kuelent, Dannebierg

QTH 1: ATV-balise LX0TVL   QRG 1245,000 MHz, FM

QTH 2: D-Star-relais LX0DML   QRG 438,375 MHz, shift - 7,6 MHz, FM

**WiMo Antennen und Elektronik GmbH · Am Gäxwald 14 · 76863 Herxheim**
**Telefon (0 72 76) 96 68-0 · Telefax -11 · E-Mail: info@wimo.com · www.wimo.com**

# URLAUBSZEIT - ANTENNENZEIT

**Unklar ob am Urlaubsort Platz für Antennen ist?**
**Da helfen unsere Portabelantennen für jede Gelegenheit!**

## BUDDIPOLE

Sehr durchdachtes System für einen Portabel-Dipol von 2m bis 40m, bis 80m mit Zusatzspulen. Dipol alleine oder mit Mast und Dreibein, überall aufstellbar. Sehr robuste Konstruktion, einfacher Abgleich. Alle Verschraubungen 3/8", dadurch flexibel kombinierbar. Teleskope, Spulen, Balun, Mechanikteile als Einzel- oder Ersatzteil verfügbar, siehe WiMo Webseite.

**Buddipole Antenne** ........ 259,- €
**Buddipole Deluxe** (mit 2.4m Mast & Dreibein) ........ 545,- €
**Buddipole Deluxe** (mit 4.8m Mast & Dreibein) ........ 666,- €
**Mini Buddipole** ........ 283,- €
**Buddistick (Vertikal)** ........ 169,- €
**Buddistick Deluxe** ........ 239,- €

## DIAMOND PORTABEL



Extrem kleine Vertikalantennen für die Wanderung, da nur 285-300g! Abstimmung durch Verschieben des Abgriffs auf einer großen Spule, sehr schnell zu erledigen. Zerlegbar, Transportmaß je nach Modell 40 bis 110 cm.

**Diamond RHM-8B** 6-40m, 180cm … 119 €
**Diamond RMH-10** 6-40m + V/UHF, 180cm … 169 €
**Diamond RHM-7350** 6-40m, 260cm … 169 €

## ALEXLOOP



Die bekannte QRP-Loop aus Brasilien! 10 bis 40m, für QRP Leistungen bis 25W. Sehr effizientes Design, scharfe Resonanz, immer perfekt angepasst. Kein Tuner nötig! Lieferung in robuster Tragetasche, Gewicht nur 1480 g.

**Alexloop mit Tasche und Kabel** ........ 489 €

## I-PRO TRAVELLER

Sehr effektiver Vertikaldipol für 10 bis 20 m inkl. WARC-Bänder, mit Verlängerung auch bis 40m. Vertikal = gut für DX! Kein Tuner nötig, sehr leichter Abgleich der Antenne: Einfach Abgriff umstecken und Winkel der Dachkapazität einstellen. Gute Bandbreiten nutzbar, kleines Packmaß, geringes Gewicht. Lieferung mit Standfuß!

**I-Pro Traveller** 10-20m Vertikaldipol ........ 359,- €
**I-Pro Traveller** 30/40m Erweiterung ........ 148,- €

## BTV MAG. LOOPS

Kleine Loops für SWL und QRP Betrieb. Ideal für den Urlaub, wenn man nur einen Balkon oder eine kleine Terrasse hat. Abstimmung mit Steckbrücken und Kondensator. Perfekte, schmale Resonanz, kein Tuner nötig. Zum Aufbau kann das Fotostativ herhalten (benötigt optionale Bodenplatte).



**MLA-M** 10-80m, qrp ........ 349,- €
**MLA-M** Bausatz ........ 335,- €
**MLA-T** 40-160m ........ 855,- €
***neu* MLA-ER** 10-30m, 100W ........ 175,- €

## CHAMELEON ANTENNEN

Super robuste Antennen aus den USA! Schnell aufgebaut, vielseitig einsetzbar. Betrieb mit Tuner – kein Abgleich nötig! Auch mit PA verwendbar, je nach Antenne bis 800W Sendeleistung. Je nach Antennentyp Betrieb auf 6m bis 160m möglich.



**Hybrid Mini 6-160m, 800W, Drahtantenne** ........ 265,- €
**Hybrid Micro 6-160m, 100W, Drahtantenne** ........ 226,- €
**EMCOMM-II 6-160m, 500W, Drahtantenne** ........ 138,- €
**Chameleon Spike Mount Erdspiess** ........ 69,- €
**Chameleon Mil Ext 190cm Verlängerung** ........ 159,- €
**Chameleon Mil Whip 330cm Strahler** ........ 135,- €

Muselrelais 2m  LX0DMM  QTH Machtum



<= Antenne 2m



Hamnet - antenne 5GHz




Hamnet - hardware